N°2273
Entrée le 02.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit a vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°2273 vum 30. Abréll 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

1. **War de Sportminister net op d'Aweiung vum CNVV invitéiert, respektiv firwat war hien do net präsent?**

Den 28. Abréll 2025 ass de nationalen Zenter fir Affer vu Gewalt (kuerz CNVV) ageweit ginn, dëst a Präsenz vu véier Ministeschen a Ministere vun der Gläichstellung an der Diversitéit (MEGA), der Justiz, der Educatioun, Kanner a Jugend an der Gesondheet an den zoustännege Mattarbechter·Innen. Den Inneminister gouf duerch d'Vertriederin vun der Police representéiert. Des Ministèrë waren onmëttelbar un der Ausaarbechtung vum CNVV bedeelegt. Dëst erklärt och firwat aner Ministèren net invitéiert goufen.

2. **Ass déi néi Struktur och geduecht fir Affer vu Gewalt, op Erwuessenen oder Kand, am Beräich vum Sport?**

Den CNVV ass eng Ulafstell fir all Affer vu Gewalt, deemno och vun Affer vu Gewalt am Sport.

3. **Mussen dës Affer fir d'éischt bei déi reforméiert ALAD goen ier se da vun do bei den CNVV geschéckt ginn?**

D'Prozeduren an d'Detailer fir déi reforméiert ALAD sinn nach net ofgeschloss, sou datt et am Moment nach ze frei ass fir op des konkret Fro kënnen ze äntweren.

4. **Ginn et hei net Iwwerschneidungen oder ginn et awer eventuell Synergien am Sënn vun den Affer vu Gewalt an Absens an der Sportswelt?**

Zilsetzung vum CNVV ass et fir de Parcours vum Affer ze stäerken, an all Affer vu Gewalt, an deemno och déi aus dem Beräich vum Sport, ob Majeur oder Mineur, op enger Plaz e globalen an afferzentréierten Accueil, eng urgent an ambulant Betreiung an eng Reorientéierung u spezialiséiert Servicer fir de mëttel- a laangfristege Suivi, unzebidden.

An deem Kontext ass et wichteg ze ënnersträichen, dat den CNVV komplementar zum bestoenden Dispositif fir d'Betreiung vun Affer vu Gewalt funktionéiert, dëst am Respekt vum aktuelle legale Kader an de bestoenden Prozeduren. Des Zesummenaarbecht matt aneren Acteuren, déi Affer vu Gewalt en Charge huelen ass eng Noutwendegkeet an e wichtege Pilier vum CNVV, dee just eng punktuell an ambulant Noutfallversuergung assuréiert an op extern Partner ugewisen ass fir d'Reorientéierung an de Suivi. Dëst trëfft och bei der Zesummenaarbecht matt der Lëtzebuerger Antidopping Agence (ALAD) zou, wéi och matt aneren interesséierten Acteuren aus der Sportswelt an der Zivilgesellschaft.

Och am Kader vun der Operationaliséierung vum Konzept gouf et e reegelméissegen Austausch matt dem Roude Kräiz, dem Gestionnaire vum Projet, dem MEGA a matt deenen anere Partner aus de Ministèren a vum Terrain, grad wéi matt Vertrieder·Innen aus der Zivilgesellschaft. An deem Kontext goufen et och verschidden Echangë matt der ALAD och en vue vun enger potentieller Zesummenaarbecht am Beräich vun der Betreiung vun Affer aus dem Sportsberäich.

**5. Wäert de Sportminister an dësem Sënn déi neidesch Informatiounen un d'Sportverbänn respektiv un d'Sportsveräiner ginn a wa jo, wéini?**

Soubal d'Aarbechten zur neier Struktur vun der ALAD ofgeschloss, an déi lescht Detailer gekläert sinn, wäert déi entspriechend Kommunikatiounsstrategie lancéiert ginn. Dobäi geet et da virun allem dorëms déi nei Missiounen an déi respektiv Prozedure bekannt ze maachen an d'Sportverbänn an hir Veräiner ze forméieren. An dëser Kommunikatiounsstrategie wäert den CNVV, souwéi och all déi aner concernéiert Acteuren, hir Plaz hunn.

Lëtzebuerg, den 02. Juni 2025

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes